

RAPPORT D'ACTIVITÉS 2021



D'Missioun vum sozio-kulturelle Radio

De radio 100,7 ass den ëffentlech-rechtleche Radiosender zu Lëtzebuerg. D'Zil vum Sender ass, déi multipel Realitéite vun enger Gesellschaft am permanente Wandel ze reflektéieren. Am Aklang mat senger Missioun bitt de radio 100,7 Noriichten, Aktualitéit aus Kultur a Gesellschaft, sou wéi musikalesch an edukativ Ënnerhaltung mam Zil jidderengem aus der Gesellschaft e breeden Zougang op säi Programm ze offréieren.

Alles wat wichteg ass: Zu Lëtzebuerg an doriwwer eraus





Virwuert

E Radio, dat ass virun allem Toun, aus deem eng Ambiance entsteet, déi e Gefill vun engem Doheem gëtt. Dat neit akustescht Kleeid fir d'Antenn vum radio 100,7, dat zanter dem 31. Mee 2021 dem Programm e Kader gëtt, gehéiert esou zu de wichtegsten Neierunge vum Radio am Joer 2021. Komponéiert gouf den neien Habillage sonore vum Museker a radio 100,7-Touningenieur Chris Simon, agespillt gouf e vum Orchestre Philharmonique du Luxembourg.

Wéi fir d'ganz Land war d'Covid-19-Pandemie och fir de radio 100,7 den dominante Facteur vum Betrib am Joer 2021. Mat Emissiounen wéi **De Gudden Toun** a Projete wéi den **Aircheck Sessions** an **De gléckleche Sisyphus**, zum Beispill, huet de Radio weider d'spezifesch Zesummenaarbecht mat Schrëftsteller:innen, Komponist:innen a Museker:innen gesicht, fir hinnen nei Méiglechkeeten ze bidden, sech auszudrécken. 2021 war et awer och nees méiglech Concerte live ze senden oder opzehuelen.

D'Ekipp vum Radio huet och 2021 nees en informativen, ofwiesslungsräichen an ambitiöse Programm produzéiert. Zanter der Rentrée gëtt et mat **Sot emol** en neie groussen deeglechen Interview an der Grille, deen d'Geleeënheet bitt, eng Perséinlechkeet besser kennenzelieren, hiert Liewen, hiert Schafen an hir Motivatioun.

Den Exercice 2021 vum öffentlich-rechtliche Radio war vun der pluriannueller Konventioun 2019-2023 mam Lëtzebuerger Staat ofgedeckt. D'Joer gouf mat engem Defizit vun 181.681 Euro ofgeschloss, deen aus de Reserv finanziert konnt ginn. Am Laf vum Joer gouf et e Wiessel un der Spëtzt vum Radio. Zanter dem 15. September 2021 ass de Jean-Lou Siweck Direkter vum Établissement de radiodiffusion socioculturelle.

Am Laf vum Joer huet d'Prozedur, dem radio 100,7 en neien, besser ugepasste gesetzleche Kader ze ginn, grouss Schrëtt no vir gemaacht. E Gesetzesprojet gouf am Januar vum Regierungsrat ugeholl. Zanterhier lafen d'legislativ Aarbechten an der Chamber, bei deenen de Radio sech och selwer iwwe en Avis abruucht huet. Dat neit Gesetz misst am Laf vum Joer 2022 a Kraaft kënnen treden.

De Verwaltungsrat


News

Fir d'Redaktioun war 2021 dat zweet Joer vun der Pandemie, an dat éischt, an deem eng breet Diskussioun iwwer d'Impfungen géint de Coronavirus geféiert gouf. Fir d'Journalist:innen vum radio 100,7 huet dat geheescht: iwwer déi politesch Choixen informéieren an hiren Impakt an hir Pertinenz analyséieren. Zu enger Zäit, wou ganz heefeg nei sanitär Mesuren a Kraaft getruede sinn, nei Impfstoffer a Medikamenter op de Marché erauskoumen, an déi national Reaktiounen op d'Covid-19-Pandemie dacks geännert hunn, war et och wichtig, an den Neiegkeeten, am Programm an an der digitaler Offer vum radio 100,7 den Nolauschter:innen a Lieser:inne rezente Entwécklungen ze erklären.

Um Enn vum Joer 2021 waren och d'Lëtzebuerger Medie verstärkt Kritikke vun Impf- a Corona-Géigner ausgesat. De radio 100,7 huet iwwer d'Manifestatiounen bericht, huet sech e Bild vun der Situatioun gemaach an d'Realitäten duergestallt, ouni awer onfundéierten oder falsche Behauptungen eng Plattform ze bidden. Generell war et d'Zil, d'ëffentlech Debatt ze férdere, mam Fokus op d'Wëssenschaft an net just op Meenungen a Gefiller.

Datt de radio 100,7 kritesch an am Intérêt général bericht, gouf zum Beispill mat Enquêtes iwwer d'Impfcampagne bewisen. Zu enger Zäit, an där den Impfstoff nach knapp war, huet de radio 100,7 Ufank 2021 opgedeckt, datt de Groupe Hôpitaux Robert Schuman als eenzegt Spidol direkt am Ufank säi President a seng zwee Vize-Presidenten impfe gelooss huet. Si goufen doropshi vill kritiséiert an hu sech missen ëffentlech justifiéieren. Wéi mir dat gemellt hunn, goufen et an de Spideeler weider Grozonen, an d'Spideeler hate keng gemeinsam Approche fir mat der Impfung ëmzegoen. D'Justiz huet eng Enquête opgemaach. Enn 2021 huet de Parquet matgedeelt, datt 27 Persounen en Avertissement kruten. Am Ganze waren 81 Persounen identifizéiert ginn, déi verdächtigt goufen, illegal, oder ze fréi, Accès zu Impfstoff kritte ze hunn.







Digital Offer

No engem aussergewöhnlechen éischte Pandemie-Joer hunn och am Joer 2021 nees méi Leit vun der digitaler Offer vum radio 100,7 profitéiert wéi virun der Corona-Pandemie. 2021 goufen 1,8 Milliounen Websäiten an 1,3 Milliounen Säiten an der App consultéiert. Dat waren der liicht manner wéi am éischte Pandemie-Joer, mee nach ëmmer vill méi wéi zwee Joer virun.


Users




Sessions



Player (live)



App users



Online


De Site vum radio 100,7 ass www.100komma7.lu. De radio 100,7 ass och op [Facebook](#), [Twitter](#) an [Instagram](#) aktiv. D'Online-Presenz vum Radio gouf och 2021 weider ausgebaut an alignéiert.

Déi fënnef meescht gelauschtert Emissiounen (eenzel Episoden) an der Mediathék 2021 sinn:

1. [Magasinn - Goodbye Luxtrust-Token?](#)
2. [Invité:e vum Dag - Christiane Wickler \(29.04.21\)](#)
3. [Chronik - Bléif doheem, mee fuer an d'Vakanz!](#)
4. [Riicht eraus - Firwat léisst bal ee Véierel vun der Populatioun sech net impfen?](#)
5. [Invité:e vum Dag - Catherine Gapenne \(09.03.21\)](#)

Déi fënnef meescht geliesten Artikelen op www.100komma7.lu am Joer 2021 sinn:

1. [Corona-Ticker](#)
2. [Bléif doheem, mee fuer an d'Vakanz!](#)
3. ["Dat hunn ech an 20 Joer nach net gesinn"](#)
4. ["Mat Meenungsfräiheet huet dat näischt méi ze dinn"](#)
5. [Cannabis gött net legaliséiert](#)



RadiOdyssee

#3
Sages fous



radio
100,7



Déi wonnerbar VaLibrairie op de Walfer Bicherdeeg 2021
(v.l.n.r. Kerstin Thalau, Valerija Berdi, Michel Delage)

Kulturell Aktualitéit

Während vill Concerten a Kultureventer hu misse wéinst de Corona-Restriktiounen ofgesot oder reduzéiert ginn, huet de radio 100,7 am September 2021 nei Stonneformater ageféiert fir der Kultur eng Plaz ze ginn: **RadiOdyssee**, eng Sendung iwwer d'Erzielkonscht, realiséiert vun eise Mataarbechterinne Kerstin Thalau a Valerija Berdi mat de professionellen Erzielerinne Betsy Dentzer a Luisa Bevilacqua (eemol am Mount, sonndes um 11 an 19 Auer) an **Déi wonnerbar VaLibrairie** vun eiser Literaturexpertin Valerija Berdi iwwer alles, wat mam Buch a mat der Literatur ze dinn huet (eemol am Mount sonndes um 11 an 19 Auer). Mat der wonnerbarer VaLibrairie war de Radio op de Walfer Bicherdeeg present an huet den 21. November live vun der Plaz iwwerdroen. Déi éischt 10 an déi lescht 10 Minutte vun der Emissioun goufen am Hall Omnisports Prince Henri zu Walfer fir d'Visiteuren iwwerdroen.

Donieft gouf eis Kult(ur)sendung **B-Radio** vun der 100,7-Ekipp ronderëm de Michel Delage an hirem drëtte Joer nees all véierte Sonndeg an de Programm geholl, mat enger spannender, ureegender an och mol satirescher Auseranersetzung mat Kultur a Subkultur am breede Sënn.

De Gudden Toun, eng Emissioun vum Claude Faber, déi mat satiresch-kriteschem Usaz Theemen auserneplécken wëllt, déi méi oder manner aktuell sinn, mee jidderen aus eiser Gesellschaft beschäftegen. De Gäscht bei De Gudden Toun gëtt dobäi a punkto Inhalt a Format vun hire Bäitrag keng Grenze gesat. D'Emissioun ass am Roulement vu sonndes dem 17. Januar u bis den 19. Dezember 2021 um 11:00 Auer gelaf an am Ganze goufen 11 Episode produziéiert.

Musek

Well et 2021 zu weidere Pandemie-bedingten Ausfäll am Concertsbetrieb koum, huet de radio 100,7 seng Roll als grouse Concertssall weider wouergeholl. Zesumme mat der Kulturfabrik hu mir an der éischter Hallschent vum Joer 6 **Aircheck Sessions** iwwerdroen. Dorënner waren et dës Kënschtler:innen: Evelinn Trouble, Rome, Skibi, Francis of Delirium, Kitshickers zesumme mat The Majestic Unicorns from Hell an de Bartleby Delicate, zesummen mam Niels Engel.

Eurosonic Showcase Festival

Den Eurosonic Showcase Festival zu Groningen (NL) ass eng vun de wichtigste Plattformen an Europa fir nei Talenter an der Museksbranche. Als Member vun der EBU kann de radio 100,7 all Joer een Act designéieren, deen um Festival kann optrieden. Am Januar waren et TUYS, déi am Kader vun enger gefilmter Session de Fachpublikum konnten iwwerzeegen. Fir d'Editioun 2022 huet eis Museksredaktioun Francis Of Delirium nominéiert.

Musek Made In Luxembourg


Musek aus Lëtzebuerg spillt am Programm vum radio 100,7 eng zentral Roll. 23 % vun der (net kllassescher) Musek, déi mir diffuséieren, staamt vu Kënschtler:innen aus Lëtzebuerg. 2021 hu mir iwwer 120 Interviewe mat Acteuren an Actricen aus der Lëtzebuenger Musekszeen realiséiert.

Diversitéit

Bei eiser musikalescher Programmation läit eis d'Diversitéit um Häerz. Leider spillt d'Geschicht vun der Popmusek eis dobäi net ëmmer an d'Kaarten: Bei 29 % vun alle Lidder, déi mir 2021 diffuséiert hunn, séngt eng Fra. Bei den Disken, déi mir als Album vun der Woch presentéiert hunn, gëtt et eng Paritéit tëschent weiblechen a männlechen Artisten.



Francis of Delirium



Skibi



TUYS





Klassesch Musek

Am Joer 2021 huet de radio 100,7 91 Concerte vu Lëtzebuenger Museker:innen, Ensembelen an Orchesteren opgeholl an diffuséiert. Dorënner ware siwe Live-Diffusiounen aus der Philharmonie.

European Broadcast Union

Tëschent dem 1.1.2021 an dem 1.1.2022 goufen, am Kader vun der European Broadcasting Union (EBU), 65 mol Concerte vum Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg a vun de Solistes Européens, Luxembourg diffuséiert, ënner anerem an Neuseeland, a Korea an a Brasilien.

An deemselwechten Zäitraum huet de radio 100,7 14 Concerte vum Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg a vun de Solistes Européens, Luxembourg an der EBU offréiert. D'Pandemie huet d'Offer staark reduzéiert.

Fête de la Musique

Am Kader vun der Fête de la Musique huet de radio 100,7, den 21. Juni 2021, e Programm vun dräi Stonne live aus dem Trifolion zu lechternach iwverdroen.

Partenariater

De radio 100,7 ass Mediepartner beim Festival Rainy Days, beim MoselMusikFestival, beim Festival Rencontres musicales dans la Vallée de l'Alzette, beim Festival vu Buerglënster, beim Klänge Maarnecher Festival, vum CAPE, schafft mat de Conservatoires aus der Stad, vun Esch a vun Ettelbréck zesummen.

De radio 100,7 war och Partner bei enger CD-Produktioun vum Ensemble L'Estro armonico, déi am Hierscht 2022 erauskënnt.

International Classic Music Awards

Als Member am Jury vun den International Classical Music Awards (ICMA) - zesumme mat pizzicato.lu - proposéiert de radio 100,7 reegelméisseg Lëtzebuenger CD-Produktiounen fir dësen internationalen Diskepräis.

OPL

2022 krut de Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg e Präis an der Kategorie "zäitgenëssesch Musek" fir eng Opnam mat Wierker vum spuenesche Komponist Francisco Coll.

Op Propositioun vum radio 100,7 a vu pizzicato.lu krut de Lëtzebuenger Dirigent Pierre Cao e Spezialpräis fir säi Liewenswierk. D'Präiswuerreechung an de Gala-Concert waren den 21. Abrëll 2022 an der Philharmonie. De radio 100,7 huet live iwverdroen.

Fête de la Musique
aus dem Trifolion
zu lechternach



Magasinn

Fir d'Joer 2021 goufen eng Rei Formater an Emissiounen weidergeféiert, weider developpéiert, an et sinn och neier bäikomm. Esou gouf zum Beispill aus der Kanneremissiou **HéLeLa** vum Jean Claude Majerus de **Kannereck!**, an dem Angie Maquil seng Emissioun ronderëm d'Wuelbefanne vun de Leit (**Bewosst gesond**), den drëtten Alter (**Generatiounen**) a praktesch Rotschléi fir de Gaart (**Am Gaardenhaischen**) goufen och am Joer 2021 weidergeféiert, dëst an Zesummenaarbecht mat Associatiounen.

Am **Biotop** stellt de Pit Walté sech d'Fro, wéi mir Mënsche mat der Ëmwelt ëmginn, a wéi mir eis am wichtege Liewensraum Natur beweegen. Och zum Thema Wëssenschaft huet hie sech Gedanken gemaach an dobäi dat neit Format **Wëssensw(ä)ert** an d'Liewe geruff fir e geneeë Bléck op déi aktuell Entwécklungen a Produiten ze geheien, déi eist Liewen ëmmer méi beaflossen.

Zesumme mam SCRIPT huet de radio 100,7 e **Webinar** konzepéiert, ënner der Moderatioun vum Natasha Ehrmann, deen iwwer Livestream op der Web- a Facebooksäit vum radio 100,7 ka gekuckt ginn. Heibäi ginn zu gesellschaftlech relevanten Theemen Expert:innen an de grouse Studio invitéiert fir iwwer Problematiken a Léisungsusätz ze diskutéieren. Wärend der Emissioun ass et méiglech als Nolauschter:in Froen iwwer WhatsApp eranzeschécken an och divers Temoignagen an Interviewe ginn agespillt. De Webinar mam SCRIPT gëtt all zweete Mount opgeholl.

Weider Formater vun 2021

Exzeptionnell! Expert:inne stellen all Woch een Exponat aus enger Wiesselausstellung vir, déi während dem Summer zu Lëtzebuerg ze gesinn ass.

E-Motioun D'Caroline François stellt Methoden an Therapië vir, déi zu der psychescher Gesondheet bäidroen.

Ënner Afloss D'Tessy Steffen Koenig beliicht den Drogenkonsum a senge verschiddene Facetten an a sengem historesche Kontext.

Eis Landwirtschaft Hei kucke mir net nëmmen de Baueren zu Lëtzebuerg iwwer d'Schëller, mee zeechnen d'Bild vun dëser Industrie méi genee.


Wou d'Uelzecht Mir huelen Iech mat op Entdeckungstour laanscht d'Lëtzebuurger Baachen a Flëss, vun der Klierf am Norde bis bei d'Gander am Süden.

Graphic Novels De Jeff Thoss stellt d'Klassiker vun der BD a vum Graphic Novel vir.

Generatiounen - D'Petra Vandenbosch an den Alain Brever vum GERO Kompetenzercenter fir den Alter



SCRIPT Webinar



Weider Formater vun 2021

D'Handwierk Schweessen, klappen, seeën, knieden ... D'Tessy Steffen Koenig stellt lech allkéiers eng Persoun vir, déi fir hire Beruff Feier a Flam ass.

Mëschkultur Déi ekologesch Aktualitéit am Land an an der Welt: Gewunnechten, déi sech änneren, nei Klimamesuren oder online Konferenzen iwwer eng méi nohalteg Zukunft

De leschte Bréif De Jean Portante presentéiert eng Serie vun aacht leschte Bréiwer vu bekannte Schrëftsteller:innen.

DIY Et gëtt vill Saachen, déi een einfach a selwer maache kann. Mat dësen Tipps an Tricks kann ee séier eng Staang Sue spueren.

Inclusioun De Sascha Lang stellt Theeme vir, Institutiounen an Invitéen, déi de Stellwäert vu Mënsche mat Behënnerung an der Gesellschaft op de Punkt bréngen a sech fir eng alldeeglech geliefte Inclusioun asetzen.

Eng faarweg Welt Faarwe goufen am Laf vun der Kulturgeschichte ëmmer nees nei interpretéiert an och fir ganz ënnerscheedlech Zwecker agesat. Eng Emissioun vum Angelika Thomé

Land a Leit Mir huelen lech mat op eng Entdeckungsrees duerch d'Regiounen bannent a baussent de Grenze vum Lëtzebuerger Land.

Effikass Den Tom Haas geet op d'Komplexitéit vun der Aarbechtswelt an a versicht se mat konkrete Beispiller ze belichten.

Bionik Zanter 1960 gëtt et eng eegestänneg Wëssenschaft mam Numm Bionik, an där d'Fuerscher sech un natierleche Virgänge inspiréieren, fir technesch Innovatiounen ze maachen.

Mikro-Trott Eise jonke Freelancer Max Feyder aka Skibi war e puer Wochen mam radio 100,7 Mikro ënnerwee, fir an der Strooss Meenungen a Stëmmungsbiller anzefänken.



D'Handwierk



Inclusioun



De leschte Bréif



Mikro-Trott


Technik / IT

Fir de Mataarbechter:innen, virun allem de Journalist:innen, eng méi grouss Mobilitéit a Flexibilitéit unzebidden, gouf d'Majoritéit vun den Desktop-Computeren duerch Laptops ersat.

Zu dësem Zweck huet sech dat technescht Departement zesumme mat der Ekipp fir eng individualiséiert Maschinn decidéiert, déi un d'Besoine vum Radio ugepasst ass. Dëse Laptop, vun der Mark Schenker, gëtt an Däitschland produzéiert an huet e puer Radio-spezifesch Entwécklungen opzeweisen. Trotz dëser Individualiséierung bleiwen d'Käschten ënner deene vun engem vergläichbare Laptop vun enger renomméierter Mark.

Mat der Aféierung vu portabele Computeren huet de Radio och eng Ännerung an der Verdeelung vun de Büroer virgeholl. Déi meeschte Posten erméiglechen et jidderengem, sech um éischten fréie Büro anzuloggen.

Déi perfekt Integratioun vun de Laptops erméiglecht et de Mataarbechter:innen, egal wou si sech befannen, ze schaffen, virausgesat, datt hir Internetverbindung stabil a performant genuch ass. Natierlech gouf vill Wäert drop geluecht, d'Sécherheet ze garantéieren a gläichzäiteg d'Flexibilitéit bäizebehalen, déi fir d'Aarbecht vun de moderne Journalist:innen erfuerdert ass.



Neien Habillage Sonore

fir de

radio
100,7



Anne Georges
Station-Voice



Gast Waltzing a Chris Simon

Neien Habillage Sonore

Vum 31. Mee u huet sech de radio 100,7 an engem neien akustesche Kleeed presentéiert. Den neien Habillage sonore, deen d'Nolauschter:innen duerch d'Dagesprogrammation vum 100,7 begleet, gëtt dem ëffentlech-rechtleche Radiosender eng opgefrëschten Identité sonore, déi dem Usproch un Aktualitéit, Transparenz, Authentizitéit a Modernitéit gerecht gëtt.

Komponéiert gouf deen neien Habillage sonore vum Museker a radio 100,7-Mataarbechter Chris Simon. Agespillt goufen d'Jingelen an d'Klangteppecher vum Orchestre Philharmonique du Luxembourg ënner der Leedung vum Dirigent Gast Waltzing am Grouse Concertssall vun der Philharmonie. Ageschwat goufen d'Umoderatioune vun der Anne Georges, Station-Voice vum radio 100,7.

"Den neien Habillage ass am Prinzip en einfacht Motiv, dat opgrond vun dësem op eng flexibel Manéier duerch déi verschidde Stilrichtungen, déi um 100,7 vertruede sinn, durchdeklinéiert ka ginn", erkläert de Komponist Chris Simon. "Dobäi war et eng vu mengen Haaptaufgaben dofir ze suergen, datt den Erëmerkungswäert net verluer geet".

Och wann e bedeitenden Deel vum Kompositiouns-Prozess digital opbereet a verschafft gouf, louch e grouse Fokus dorop fir en authentische Sound ze bidden. Ronn 50 Museker:innen, déi vum Gast Waltzing dirigéiert goufen, hunn zu den opulent-cineastesche Kläng bäigedroen. "Wa richtig Instrumenter mat dobäi kommen a Mënsche mat am Spill sinn, da bréngt dat deem ganze Projet eppes Lieweges", seet de Gast Waltzing.

Mir hunn de Kreatiouns-Prozess - vun der Kompositioun iwver d'Recording Sessions an der Philharmonie bis d'Programmation bei eis um Radio - an engem Documentaire festgehalen.

[Klickt hei fir den Documentaire ze kucken](#)

De gléckleche Sisyphus

De 14. November 2021 huet de radio 100,7 d'Uropféierung vun der Chouerkompositioun "Sisyphus' Sohn" vum Pierre Weber no engem Text vum Raoul Biltgen gefeiert. De Vokalensembel The Duke's Singers huet d'Uropféierung am Kader vun enger Spezial-Emissioun live an der Bibliothéik vum radio 100,7 interpretéiert. D'Emissioun gouf per Video-Livestream iwwer d'Facebooksäite vum radio 100,7 a vum KUK iwwerdroen.

Dëst war den Héichpunkt vum Projet **De gléckleche Sisyphus**, deen de Radio am Mäerz 2021 zesumme mam KulturKanal (KUK) lancéiert huet. D'Zil vun dësem Projet war et d'Chouerzeen a generell och d'Musekszeen an de schwéieren Zäite vun der Pandemie an d'Vitrinn ze setzen, a se aktiv mat enger Commande fir en Text an eng Kompositioun an enger garantéierter Uropféierung ze ënnerstëtzen. No enger Ausschreiwung am Mäerz 2021 huet e Jury aus Membere vum radio 100,7, vum KUK a vun den Duke's Singers de Projet vum Pierre Weber a vum Raoul Biltgen erausgewielt. Béd Artisten haten an de Méint virun der Ausschreiwung hire Papp verluer an hunn den Thema De gléckleche Sisyphus als Metapher ëmgusat. De Steen hu si als Symbol fir d'Famill genotzt, ëm déi e Papp sech këmmert.

De Projet gouf an Zesummenaarbecht mam KUK realiséiert a mat der Ënnerstëtzung vun der Fédération Luxembourgeoise des Auteurs et Compositeurs (FLAC) an der SACEM Luxembourg.

[Klickt hei fir d'Uropféierung ze kucken](#)



#radio

Gliddeg aus der Pan

18.1.2021 22-23h

Live op kuk.lu & radio 100,7

KUK KulturKanal
fir Lëtzebuerg

radio
100,7

Gliddeg aus der Pan

Mam Kulturkanal (KUK) huet de radio 100,7 am Joer 2021 nach bei engem anere Projet collaboréiert. Esou goufen am grouse Studio véier Episode vum Format **Gliddeg aus der Pan** opgeholl, eng Sendung am Videoformat, bei där zwee Leit aus Konscht & Kultur aus Lëtzebuerg invitéiert goufen. Kee vun hinne wosst, wien e géintiwwer sätzen hätt. Si wossten net, wat de Programm vun der Sendung wier, déi eng Stonn laang live gelaf ass an hunn d'Zäit spontan misse fëllen. Aus der Regie huet sech de Serge Tonnar gemellt, falls d'Gespréich riskéiert huet "unzebrennen".

Max Thommes



Jang Linster



Gouvernance

Den Établissement de radiodiffusion socioculturelle ass eng öffentlich-rechtlech Kierperschaft, déi duerch d'Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwer d'elektronesch Medie geschafe gouf. De Verwaltungsrot huet néng Memberen, d'Presidentin, véier Memberen, déi de Staat representéieren, a véier Memberen, déi representativ fir dat soziaalt an dat kulturellt Liewen zu Lëtzebuerg sinn.

D'Programmation vum radio 100,7 steet ënner der Responsabilitéit vum Direkter, deen den alldeegleche Betrib vum radio 100,7 féiert.

Den 31. Dezember 2021 war de Verwaltungsrot aus dëse Membere zesummegeesat:

- Véronique Faber, Presidentin
- Tania Brugnoli
- Jean-Marie Haensel
- Josée Hansen
- Raphaël Kies
- Steph Meyers
- Pierre Reuter
- Jacques Thill
- Renée Wagener

Regierungskommissärin: Céline Flammang

Verwaltungsrotssekretärin: Laure Bourguignon

Direktioun:

Marc Gerges (bis den 19. Abrëll 2021)

Véronique Faber (faisant fonction, vum 20. Abrëll bis de 14. September 2021)

Jean-Lou Siweck (zanter dem 15. September 2021)



Rapport d'activité 2021

Un nouvel habillage sonore, l'indispensable adaptation aux contraintes de la pandémie ainsi que le rafraîchissement continu de la programmation ont marqué l'exercice 2021 de la radio 100,7, qui assure le service public de radiodiffusion du Grand-Duché de Luxembourg.

La pandémie du Covid-19 a pour la deuxième année de suite dominé la vie des auditeur-trice-s de la radio. Elle a logiquement été au centre du travail des journalistes de la rédaction. Au-delà, elle a amené la radio 100,7 à chercher des réponses innovatrices à cette situation particulière, par des formats d'émission spécifiques et, face à la fermeture des salles de concerts, des enregistrements musicaux adaptés. Mais la pandémie aura aussi un impact positif plus long terme sur la radio, avec l'accélération de la transformation numérique, en général, ainsi que l'adoption d'outils et de méthodes de travail plus mobiles, en particulier.

Alors qu'une radio, c'est d'abord du son, le nouvel habillage sonore, dévoilé le 31 mai 2021, constitue un moment important dans la vie de la radio 100,7. Composé par notre collaborateur Chris Simon et enregistré avec plus de cinquante musiciens de l'Orchestre philharmonique du Luxembourg, le nouvel habillage sonore encadre avec élégance et dynamisme le programme varié de la radio.

Fidèle à sa mission de toujours, la radio 100,7 a innové en 2021 par la création de nouveaux magazines radiophoniques à l'exemple de l'émission littéraire **Déi wonnerbar VaLibrairie**, l'émission satirique **De gudden Toun** ou encore **RadiOdyssee**, émission dédiée à l'art de la prose. A la rentrée en septembre, la grille a été enrichie de l'émission d'entretiens quotidienne **Sot emol**.

En 2021 aussi, la radio 100,7 s'est démarquée par son soutien exceptionnel à la scène musicale luxembourgeoise, tous genres confondus. Dans sa programmation de musique rock et pop, les artistes locaux représentent 23 % du total. Les équipes de la radio ont en outre mené 120 interviews d'artistes luxembourgeois-es. Au premier semestre 2021, en réaction aux contraintes liées à la pandémie, la radio a enregistré 6 **Aircheck Session** d'artistes locaux en collaboration avec la Kulturfabrik à Esch-sur-Alzette.

Dans le domaine de la musique classique, la radio 100,7 s'est associée à l'initiative Kulturkanal (KUK), lancée en réaction à la pandémie, pour soutenir le projet **De gléckleche Sisyphus**. La première de l'interprétation par l'ensemble The Duke's Singers de cette composition originale pour chorale de Pierre Weber sur un texte de Raoul Biltgen a été diffusée le 14 novembre 2021 en direct de la bibliothèque de la radio 100,7.



La radio 100,7 a en outre procédé à 91 enregistrements de concerts de musiciens, ensembles et orchestres locaux au cours de l'année. À 7 occasions, les concerts à la Philharmonie ont été diffusés en direct. Au total, 14 concerts ont été repris grâce à la radio 100,7 par le réseau de l'Union européenne de radiodiffusion (UER) avec au final 65 diffusions de concerts d'artistes locaux par des radios européennes et d'au-delà dans les pays partenaires de l'UER.

L'Établissement de radiodiffusion socioculturelle a clôturé l'exercice 2021 avec un déficit de 181 681 euros, financé sur les réserves. L'exercice était marqué par un changement à la tête de la radio. Depuis le 15 septembre 2021, la direction est assurée par Jean-Lou Siweck. Le cadre légal de la radio de service public est appelé à évoluer. Un projet de loi a été déposé à la Chambre des députés en janvier 2021. La nouvelle loi consacrant la radio 100,7 comme radio généraliste d'information, de culture et de divertissement devrait entrer en vigueur au cours de l'année 2022.

**ÉTABLISSEMENT DE RADIODIFFUSION SOCIOCULTURELLE
ÉTABLISSEMENT PUBLIC**

COMPTES ANNUELS ET RAPPORT DU RÉVISEUR D'ENTREPRISES AGRÉÉ

31 DÉCEMBRE 2021

**21a, avenue J.F. Kennedy
L-1855 Luxembourg**

statera AUDIT

RAPPORT DU RÉVISEUR D'ENTREPRISES AGRÉÉ

Au Conseil d'Administration de
Etablissement de radiodiffusion socioculturelle
Etablissement public
21A, Avenue J.F. Kennedy
L-1855 Luxembourg

Opinion

Nous avons effectué l'audit des comptes annuels de l'Etablissement de radiodiffusion socioculturelle, (ci-après «l'Etablissement»), comprenant le bilan au 31 décembre 2021 ainsi que le compte de profits et pertes pour l'exercice clos à cette date, et les notes aux comptes annuels incluant un résumé des principales méthodes comptables.

À notre avis, les comptes annuels ci-joints donnent une image fidèle de la situation financière de l'Etablissement au 31 décembre 2021, ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément aux obligations légales et réglementaires relatives à l'établissement et à la présentation des comptes annuels en vigueur au Luxembourg.

Fondement de l'opinion

Nous avons effectué notre audit en conformité avec la Loi du 23 juillet 2016 relative à la profession d'audit (la loi du 23 juillet 2016) et les Normes internationales d'audit (ISA) telles qu'adoptées pour le Luxembourg par la Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF). Les responsabilités qui nous incombent en vertu de la loi du 23 juillet 2016 et des normes ISA telles qu'adoptées pour le Luxembourg par la CSSF sont plus amplement décrites dans la section « Responsabilités du Réviseur d'Entreprises Agréé pour l'audit des comptes annuels » du présent rapport. Nous sommes également indépendants de l'Etablissement conformément au code international de déontologie des professionnels comptables, y compris les normes internationales d'indépendance, publié par le Comité des normes internationales d'éthique pour les comptables (Code de l'IESBA) tel qu'adopté pour le Luxembourg par la CSSF ainsi qu'aux règles de déontologie qui s'appliquent à l'audit des comptes annuels et nous nous sommes acquittés des autres responsabilités éthiques qui nous incombent selon ces règles. Nous estimons que les éléments probants que nous avons recueillis sont suffisants et appropriés pour fonder notre opinion d'audit.

STATERA AUDIT, S.à r.l.
28, rue Henri VII L-1725 Luxembourg
T. +352 20 20 27 10

R.C.S.L. B156.148
TVA LU24291029
www.statera.lu

Responsabilités du Conseil d'Administration pour les comptes annuels

Le Conseil d'Administration est responsable de l'établissement et de la présentation fidèle des comptes annuels, conformément aux obligations légales et réglementaires relatives à l'établissement et à la présentation des comptes annuels en vigueur au Luxembourg, ainsi que du contrôle interne qu'il considère comme nécessaire pour permettre l'établissement des comptes annuels ne comportant pas d'anomalies significatives, que celles-ci proviennent de fraudes ou résultent d'erreurs.

Lors de l'établissement des comptes annuels, c'est au Conseil d'Administration qu'il incombe d'évaluer la capacité de l'Etablissement à poursuivre son exploitation, de communiquer, le cas échéant, les questions relatives à la continuité d'exploitation et d'appliquer le principe comptable de continuité d'exploitation, sauf si le Conseil d'Administration a l'intention de liquider l'Etablissement ou de cesser son activité ou si aucune autre solution réaliste ne s'offre à elle.

Responsabilités du Réviseur d'Entreprises Agréé pour l'audit des comptes annuels

Nos objectifs sont d'obtenir l'assurance raisonnable que les comptes annuels pris dans leur ensemble ne comportent pas d'anomalies significatives, que celles-ci proviennent de fraudes ou résultent d'erreurs, et de délivrer un rapport du Réviseur d'Entreprises Agréé contenant notre opinion. L'assurance raisonnable correspond à un niveau élevé d'assurance, qui ne garantit toutefois pas qu'un audit réalisé conformément à la Loi du 23 juillet 2016 et aux ISA telles qu'adoptées pour le Luxembourg par la CSSF permettra toujours de détecter toute anomalie significative qui pourrait exister. Les anomalies peuvent provenir de fraudes ou résulter d'erreurs et elles sont considérées comme significatives lorsqu'il est raisonnable de s'attendre à ce que, individuellement ou collectivement, elles puissent influencer sur les décisions économiques que les utilisateurs des comptes annuels prennent en se fondant sur ceux-ci.

Dans le cadre d'un audit réalisé conformément à la Loi du 23 juillet 2016 et aux ISA telles qu'adoptées pour le Luxembourg par la CSSF, nous exerçons notre jugement professionnel et faisons preuve d'esprit critique tout au long de cet audit. En outre :

- Nous identifions et évaluons les risques que les comptes annuels comportent des anomalies significatives, que celles-ci proviennent de fraudes ou résultent d'erreurs, concevons et mettons en œuvre des procédures d'audit en réponse à ces risques, et réunissons des éléments probants suffisants et appropriés pour fonder notre opinion. Le risque de non-détection d'une anomalie significative résultant d'une fraude est plus élevé que celui d'une anomalie significative résultant d'une erreur, car la fraude peut impliquer la collusion, la falsification, les omissions volontaires, les fausses déclarations ou le contournement du contrôle interne ;

- Nous acquérons une compréhension des éléments du contrôle interne pertinents pour l'audit afin de concevoir des procédures d'audit appropriées aux circonstances et non dans le but d'exprimer une opinion sur l'efficacité du contrôle interne de l'Etablissement ;
